

## RIED VUN DER PRESIDENTIN BLANCHE WEBER, OUVERTURE OEKOFEST 2023

Madame Ministesch, Dir Häre Ministeren,  
Politesch Responsabel a Verrieder vu Verwaltungen,  
Verrieder vu Gewerkschaften, ONGen,  
Léif Frënn a Kollegen,

„Et soll eise Kanner emol besser goen...“ ... An et wuar ganz kloer wat ënnert „besser goen“ ze verstoen ass: méi sozial Secherheet, Iwwerwannung vun Aarmut, Misère ... **duerch de Wuesstem**. De Wuesstem als Viraussetzung fir e bessert Liewen huet eis ganz Kultur Joerzénge / Joerhonnterlang geprägt.

Joerzengtelang gouf et och en direkte Lien tëscht „Wuesstem“ an dem Zil vun engem bessere Liewen.

Ma ass dat Bild haut nach ëmmer richteg?

Nee. Ganz secher net, e.a. aus folgenden 3 Haptgrënn:

1.

De Modell vum konstante materielle Wuesstem ass aus **sozialer Siicht** de falschen! An de Länner vum Norden ass et ëmmerhin gelongen, datt et positiverweis ville Leit dank dem Wuesstem besser geet, och wann de Räichtum ongerecht verdeelt ass an et nach zevill arm Leit gëtt. Ma franchement versot huet de Modell aus globaler Siicht. Eise Ressourceverbrauch, eise Liewensmodell, de Wuesstem si fundamental mat entscheidend derfir, datt weltwäit honntrerte Milliounen Leit ënnert onmenschleche Bedingunge liewen a schaffen, jo zeguer nach ëmmer un Honger stierwen. All 4 Sekonnen stierft e Mensch un Honger. Secher, net nëmmen de Wuesstem an den enorme Ressourceverbrauch bei eis sinn derfir verantwortlech. Ma se droe massiv derzou bäi. De Wuesstemsmodell an eise Länner ass strukturell mat fir den immense Misère an de Länner vum Süden verantwortlech. Zurecht gëtt den Ausdrock vum **moderne Kolonialismus** benotzt! Wat en échec vum Modell!

2.

En ass awer och, an dat ass gewosst, aus **ekologescher Siicht** net méi tragbar. Mir zerstéieren grad eis eege Liewensgrondlagen an nach desto mei déi vun de nächste Generatiounen.

3.

De Modell fonctionnéiert awer och aus **ekonomescher Siicht** net mei. D’Liwwerketteproblemer, den Ukrainkrich, déi geopolitesch Spannungen e.a. wéinst der Ofhängegkeet vun oft rare Rohstoffer asw. weisen, datt de Wirtschaftsmodell ekonomesch vill ze fragil a problematesch ass a net mei opgeet.

Et géing sech lounen weider Grënn, firwat de Modell ze hannerfroen ass, duerzeleeën, z.B. d’Tatsaach datt d’Zefriddenheet net duerch materielle Wuesstem zouhëllt asw., ma dat géing elo de Kader spréngen.

**Déi kruzial Fro ass a bleiwt weiderhinn: Firwat laafe mir engem Modell no dee sozial, ekologesch an ekonomesch net mei zilfeierend as, jo zeguer mat verheerende negative Konsequenze verbonnen ass? A firwat prägt dës Froestellung d’Walprogrammer net vill méi?**

Dëser Deeg gëtt ee jo vun der Press an anere gefrot, wat eis Haptprioritéite fir d'Walen an déi nächst Regierung sinn: ma ganz kloer, e kloert Bekenntnis zur Noutwendegkeet vun engem fundamentalen kulturellen, gesellschaftlechen a wirtschaftlechen **Transitiounsprozess** an entsprechenden Instrumenter fir déi neideg Reformen an d'Wee ze leeden.

4.

Déi nächst Woch gi mäer als Mouvement Ecologique eng méi détailléiert Analyse zu de Walprogrammer vun de verschidde Parteien eraus, duefir kommentéieren ech déi Eenzel elo net op dëser Plaz. Ma ech wollt e puer méi grondsätzlech Aspekter eraus huelen.

Eise Sozialsystem ass am Ablack zu 100% ofhängeg vun dem Wuesstem vun der Wirtschaft a vun der Bevëlkerungszuel. Mais zeguer wa mäer an de nächste 50 Joer vun engem konstante weidere Wuesstem vum PIB a vun der Bevëlkerung ausginn, wäert mam heitege Pensiounssystem a 50 Joer scho baal 1 Aktiven e Pensionnär musse mat duerchhuelen. Dat ass dach keng responsabel Politik! Jo, kee weess wierklech wéi d'Zukunft ausgesäit an op déi do offiziell Prognosen antrieden. Ma folgendes weess een:

a) De Wuesstem ass kéngeswees secher, ma de Finanzement vum Sozialsystem baut awer dorop op. Dat ass net responsabel.

b) A wann de Wuesstem wéi geplangt géing kontinuéierelech exponentiell weider goen, wot ee sech kaum d'Konsequenzen an der Mobilitéit, Logement, Landverbrauch, Energieverbrauch auszemolen. Et gëtt Leit déi mengen, et krit een och deen do massive Wuesstem gutt organiséiert an e.a. am nationale Mobilitéitsplang, an der Landesplanung mecht ee sech staark derfir. An och am Klimaplang gëtt et esou Modelliséierungen. Mir soen jo: e gewisse Wuesstem kréien a musse mäer besser organiséieren. Ma an deem Ausmoos, wäert et net geléngen wéi d'Erfahrung weist. Et dierf ee sech do näischt virmaachen.

c) an zeguer wa mäer de Wuesstem besser organiséiert kriterien, da misst déi nächst Generatioun nawell kucken, wéi si dann awer de System reforméiert kritt. Well ëmmer ëmmer weider wuessen mussen, well de System nun emol drop opgebaut ass, ass jo keng Optioun fir eiweg.

Well mäer haut net de Courage hunn e responsablen zukunftsfahege Modell opzebauen, verierwe mäer och nach dëse riesege Problem de nächste Generatiounen a schwätze monter vu gréngem, nohaltegen oder wéi och ëmmer engem Wuesstem! Natierlech ouni ze soen wat drënner ze verstoen ass. Haptsach Wuesstem! Wat eng Leeschtung! Net nemmen, datt déi nächst Generatiounen déi dramatesch Konsequenze vun der Klima- a Biodiversitéitskatastroph droe mussen, kucke mussen wéi d'Schied an d'Upassungsmoosnamen an alles finanziert ginn... mäer hannerloosen dann och nach ganz bewusst e Sozialsystem dee net zukunftsfaheg ass.

**Et dierf een dës esou wichteg Frostellungen net populisteschen Aussoen iwwerloosen, wéi se besonnesch vun eenzelne Parteie virgedroe ginn. Grad och dowéinst muss sech all Partei déi fir Sachlechkeet a Zukunftsgestaltung steet der Fro unhuelen wéi eise Sozialsystem méi onofhängeg vum Wuesstem ka gestallt ginn. Mäer bedauern zudeifst, datt dës Fro net genuch vun de klassesche Parteien opgegraff gëtt!**

Déi nächst Regierung muss den Dossier eierlech ugoen. Wat dann am Konkreten decidéiert gëtt, op eng aner Finanzementsbasis op den Desch kënnst oder un anere Stellschrauwen gedreint gëtt, dat soll offe gekuckt ginn. Ma mäer mussen den Thema endlech emol wierklech ugoen!

5.

Een anert zentralt Element vun der ekonomescher Transitioun ass, datt mir secher kloer Regeln brauchen, ma datt d'Präisser net länger däerfen dat falscht Signal an déi falsch Ureizer ginn. Den Ausdrock „**nohalteg Steuerreform**“ hu mäer net an de Parteiprogrammer fonnt. Secher, positiverweis gëtt deelweis dervu geschwat de „pincipe pollueur – payeur“ méi ze respektéieren, och zumindest hannert dem Prinzip vun der CO2-Steier, wann och enger ze niddreger, sti vill Parteien. Ma d'Partei bekenne sech net derzou, datt de Steiersystem méi grondsätzlech aus ekologescher Siicht muss op de Lescht geholl ginn. Dobäi wessen mir all ëm d'Bedeutung vun der **Internaliséierung vun den gesellschaftlechen an den Ëmweltkäschten** fir eng Transitioun no fir ze bréngen.

Lëtzebuerg besteiert Kapital ganz niddreg an ass och nach ëmmer Schlusslicht bei den Ëmweltsteieren, Aarbecht besteiere mäer wesentlech méi. Et ergëtt kee Sënn. Net sozial, net ekologesch, net ekonomesch.

Firwat geléngt et net parteiwwergreifend esou eng strukturell Reform - Präiswourecht ze schaffen, dat méi ze besteiere wat problematesch ass an dat wëschenswäert manner - iwwerhaupt emol ze thematiséieren? Ëmwelt a Kapital mei – Aarbecht manner. Eigentlech eng win-win-Situatioun, wa gezielt parallel sozial selektiv Kompensatioune sechergestallt ginn. Firwat geléngt et och net, datt zu Lëtzebuerg e „green budgeting“ agfouert gëtt? Also gekuckt gëtt, weivill Gelder am Ablack vum Staat falsch investéiert ginn an doduerch d'Klima- an d'Biodiversitéitskris befeieren. Auslännesch Etuden hu gewiisen, datt dat Milliardebeträg sinn... Firwat?

**Mäer wäerten als Meco alles maachen, datt esou Instrumenter an de neien Koalitionsaccord kommen.**

6.

Ech hunn elo just e puer méi strukturell wichteg Reformen ernimmt. Mäer kéinten der méi huelen. Wou ass de Problem? Ass et net ëmmer nach dat selwecht, nämlech datt gemaach gëtt wi wann een d'Transitioun mat e puer Reperaturmossnamen um heitege System kéint hikreien, an datt awer am Fong alles d'selwecht bleiwe kann?!

Iergend wie sti folgend Aussoen vun eenzelne Parteien symbolträchteg derfir: Do gëtt a Programmer vun engem „pragmatesche“ Klimaschutz geschwat. Wat vgl. heescht „pragmatesche“ Klimaschutz? Eng Solarzell op den Dag a soss weider wéi bis elo?

Eierlech gesot, wann eng Partei dat do schreiw, huet si de Problem net erkannt. Scheinbar net verstanen, datt d'Gesetzer vun der Natur net verhandelbar sinn! An datt mäer net erausplécken kënnen, wéi e Naturgesetz mäer dann elo ok fannen a wéi eent net. Datt mäer net kennen zur Natur soen: wart nach kuerz mat dénge Gesetzer, mäer hu grad besseres ze dinn. Dobäi wesse mer selwer an d'Wëssenschaftler konfirméieren dat unisono, datt niewent der Klimakris mat den immensen Hëtzerperioden, Wiederextremer an allem d'Situatioun an der Biodiversitéit an engem gewësse Sënn zeguer nach mei alarmant ass. Den Oekosystem ass eppes wéi e Netz. Räissen e puer Fiedem, hält d'Netz nach. Räissen der ëmmer mei, da rässt d'Netz total duerch an et ass futti. A mäer sinn, an dat seet den Weltbiodiversitéitsrot – de Pendant zum Weltklimarot – ganz kloer, ganz knapp virdrun datt dat Netz rässt. Beim Klima gëtt et fir Deeler vun der Menschheet, wéi zynesch dat kléngt, eng Upassungsstrategie. Bei der Biodiversitéit net!

7.

Et ass wuel och aus deem fundamentale Messverständnis eraus, datt den Tenor an nawell ze ville Parteiprogrammer ass: mäer wäerte net weider reglementéieren, mäer gi leiwer Ureizer finanzieller Natur fir en ekologescht Verhaale vu Privatleit a Betreiber ze errechen. Ënnerstëtzen, Fräiwellegkeet ass ugesot.

**Natierlech si gewësse finanziell Ureizer a Subventiounen néideg an dës Instrumenter sinn een wichtegt Element vun der Transitioun. Ma duer gi se net! Domatt kréie mäer de Wiessel, deen onbedengt néideg ass, net hinn.**

Et ka net alles wat positiv ass subventionnéiert ginn. Wou huele mäer dat Geld hier? Hätte mäer net och deelweis besser Saachen mat deene Gelder ze finanzéieren? A virun allem: Doduerch datt een dat positivt subventionnéiert, haalen d'Belaaschtunge vun de negative Entwécklung nach lang net op, wann déi net gestoppt ginn. A wann eppes gewosst ass, an dat soen elo wirklech all Wëssenschaftler, dann as et datt d'Zäit eis fortleeft. Weder d'Zäit nach d'Geld fir eng Transitioun just mat Subventiounen ze maachen sinn do!

Et geet net ouni kloer Regeln. Mäer gi jo och kéng finanziell Hellef wann e mat 50 km/h mam Auto duerch eng Uertschaft fiert, ma mäer schreiwen et fir. A mäer soen och net, déi wou dat Geld net wellen, dierfen derduerch rennen. Oder de Gurt undinn, ass net fräiwelleg, mee zur Sëcherheet vu jidferengem virgeschriwwen. Do kritt ee kee Croissant vun engem Polizist:in an de Grapp gedréckt wann een en unhuet a wann ee keen unhuet wäer et och ok. Ech froe mech eierlech gesot heiansdo, ob wann haut de Fëmmverbued nach net decidéiert wäer, de Courage bei esou muenchem nach do wäer en anzeféieren...

**Et ass déi verdammt Verantwortung vun der Politik fir déi néideg Reformen anzestoen, derfir ze werben, ze argumentéieren an ze informéieren firwat bestëmmt Moossname neideg sinn.** Jo, eng Pflicht vu Solaranlagen bei neien Haiser an och Industriegebeier, eng Begrenzung vun der Versigelung fir all Uertschaft wéi se elo an dem Programme directeur vun der Landesplanung steet an e.a. vun enger CSV kontestéiert gëtt. Esou guer op EU-Niveau geet dervu riets, datt mäer d'Versigelung vum Buedem müssen op null bréngen, grad wéi et och an eisem neien programme directeur vun der Landesplanung steet. E Verbued vun esou banale Saache wéi Schottergäerd fir d'Iwwerhertzung erofzekeréien an e Bäitrag zur Biodiversitéit ze leeschten.

**Natierlech muss een d'Acteuren mat op de Wee huelen an engem Dialog wou Argumenter ausgetosch ginn, souwuel Gemengen wéi berufflech Acteuren a Bierger:innen. Ma mir brauche Regeln.**

8.

Da kommen ech awer natierlech bei d'**Akzeptanzfro**. Jo, Politik an och Entscheidungen am ekologesche Beräich brauchen Akzeptanz a jo, dat ass net ëmmer einfach.

An de soziale Medien an an den anonyme Kommentarfonctiounen vun de Medien sinn et nawell Leit déi sech opreegen. Ma ass dat wierklech esou eng breed Streimung? Oder géllt et net enger dach net esou grousser Zuel vu Leit d'Claviatur vun de soziale Medien besonnech efficace ze spillen? Gi mäer méttlerweil deene populistesche Stëmme net mei Raum, wéi de Stëmmen, déi sech konstruktiv abrénge?

**Déi fundamental Fro ass natierlech trotzdem, wéi déi Akzeptanz ka beschméiglech geschaaffe ginn.**

An do ass dëse Walkampf leider net grad e gutt Virbild. Mir hoffen inbrünsteg, datt duerno den Diskurs erëm en anere Niveau wäert kreien. Fir ee Beispill ze huelen: Et kann ee soen, et goufen am Naturschutz e puer Bestëmmungen déi net esou zielführend waren, et gouf sech alt zevill mat Detailler opgehaalen déi och Leit genervt hunn an dat wichteg gouf aus den Aen verluer. Dat sote mäer och als Mouvement an et ginn och reell Problemer. Mais et muss een awer 2 Sache gesinn:

- Engersäits ass de Ministère zumindest deelweis am gaangen, déi Problemer opzeschaffen, speit, ma ëmmerhinn. Mäer setze fest drop, datt do nach wichteg Nobesserunge kommen.
- Anerseits kann een och wann ee Problemer feststellt oder mengt feststellen en Toun uleeën, dee ganz kloer der Cause schued. En Diskurs deen do ass „et dierf net all Fliedermaus...“ ass onwürdeg fir net ze soen populistesch. Et ass och schlussendlech eng Fro vu Positionnement: een deen esou schwätzt, dee leist bei de Leit d’Bild aus eng Fliedermaus wäer net esou wichtig, an zitt bewosst d’Cause vum Naturschutz an d’Lächerlecht. **Dat ass genau dee Politikstil, dee Populismus a Politikverdrossenheet bréngt, well et net em Fakte geet, ma ëm parteipolitesch Stëmmungsmaache déi schlussendlech gemeinsame gesellschaftlechen Zieler schued.**

Eng sereine, sachlech Kritik, wou net de Prinzip vum Naturschutz tout court ënnert d’Rieder kënnt, ass wichteg. Wann et awer esou geschitt, wéi et elo verschiddener maachen, da muss ee sech net wonneren, datt een Akzeptanzproblemer zeguer nach verstärkt.

**Mir erwaarden eis, datt déi nächst Regierung grondsätzlech ëm Akzeptanz fir d’Transitioun wirbt an datt d’Oppositioun – wéi eng Partei och ëmmer a wéi engem Roll wäert sinn – e korrekten sachlechen Diskurs iwwert déi néideg Reformschrëtter feiert. Och wann eng Kéier e Projet net perfekt ass! Ma datt mir de Konsens hunn a kommunizéieren, datt groussen Handlungsbedarf besteet a mäer no de bëschte Léisunge rengen. Eng Politik, déi op neideg Verännerunge virbreed, derfir begeschtere kann an derzou bäidreit, datt mir Léisunge gemeinsam uginn.**

9.

Eng Fro ass dobäi absolut zentral. Déi vun der sozialer Gerechtegheet. Bei der Transitioun muss all Mensch matgeholl ginn, grad och déi Leit mat manner Geld.

Eiset Bruttoinlandsprodukt huet sech zenter dem Joer 2000 verfëierfacht!! Trotzdem hu mäer flagrant sozial Ongerechtegheeten och zu Lëtzebuerg an d’Scheier geet ëmmer méi auseneen. 2021 sinn 115.980 Menschen, also 19,2% vun der Bevëlkerung, „armutsgefährdet“.

Wann ee vu Subsiden an Ennerstetzung schwätzt, da mussen déi Leit am Fokus stoen. Dat ass bis elo deelweis geschitt, z.B. bei der Redistributioun vun der CO2-Steier (wou awer kee wees op se gutt genuch gegruff huet), ma grondsätzlech nach bei wäitem net genuch.

Mäer stinn als Mouvement Ecologique derfir, **datt an Zukunft ganz gezielt a sozial selektiv Leit mat manner Geld an der Transitioun finanziell ënnerstëtzt ginn fir se matzehuelen.** En extrem wichtige Thema, deen a Parteiprogrammer ze fannen ass, ma net an en all a net ausfeierlech genuch. Mäer hunn eis als Mecos am Kader vun den Tripartitediskussiounen géint eng Präissdéckelung vun den Energiepräisser lassgeleist vum Revenu a vum Verbrauch ausgeschwaat gehat. Dat belaascht den Staatsbudget mat zeg Milliounen oder mei, déi op anere Plaze net do sinn. Et gétt kee reelle Grond fir grouss Revenuen a grouss Verbraucher esou ze ënnerstetzen. Mäer brauchen do Präiswourecht. A ville Walprogrammer geet awer dervu riets et géif ee sech weider fir niddreg Energiepräisser fir jiddferen

asetzen. Dat ass net sozialgerecht. **Mir brauchen e grondsätzlechen Diskurs driwwer, wéi Verdeelungsgerechtegkeet an eng sozial selektiv Ënnerstëtzung vu Leit mat manner Finanzmëttelen ka sechergestallt ginn.** Dës Froen sinn eminent mat der ekologescher Transitioun verbonnen.

**Eng interessant Informatioun an deem Kontext: Wesst dir, datt mir als Lëtzebuerger zu den 10% rächsten, scheinbar zu den 1% rächsten op dëser Welt geheieren! Da misste mäer e Méi u Verdeelungsgerechtegkeet bei eis, am Kontext vun der Groussregioun an och an engem globale Kontext eigentlech packen.**

9.

Loost mech awer och nach eppes zum **Fräiheetsbegrëff** soen, deen esou enk mat der Akzeptanzfro verbonnen ass. D'Fräiheet vun de nächste Generatiounen wäert och wa mäer elo konsequent handeln duerch onvermeidbar Folge vun der Klimakatastroph – déi grouss Hëtzen, Waasserproblemer, d'Flüchtlingszuelen a villem méi - staark agegrenzt ginn. Dat steet elo scho fest. Déi Agrëffer wäerte wesentlech méi substantiell sinn, wéi dat wat elo alt gären als Fräiheet thematiséiert gëtt. Fräiheet ob de Choix vun engem Motor vun engem Auto? D'Festhalen un enger Gas- oder Mazoutheizung amplaz enger energieeffizienter Technologie? Geet et! Wou ass do eng Relatioun?

**Eigentlech ass et scho baal zynesch an esou Kontexter vu Fräiheet ze schwätzen, wann ee wees wat alles fir d'Fräiheet vun de kommende Generatiounen um Spill steet.**

10.

Ech kommen zum Schluss op mein Ugangszitat zeréck. ***Et soll eise Kanner eng Kéier besser goen...***

Eng däitsch Ëmfro bei méi wéi 70.000 Jonken weist, datt déi Jonk am Ablack genau de Contraire mengen. Se huet erginn, datt just nach 22% vun hinne mengen, datt si e bessert Liewe kréien wéi hier Elteren. De Soziolog Harmut Rosa beschreiw fir déi Jonk d'Gefill wéi folgt:

*„Man hat nicht mehr das Gefühl, wir laufen nach vorn und auf einen Horizont zu, und es macht Spass, zu kämpfen, sich anzustrengen, um etwas zu schaffen. Jetzt müssen wir immer schneller laufen, bloss um nicht abzurutschen. Wir laufen gegen einen Abgrund an, der immer näher auf uns zukommt. Jetzt heisst es in der Regierung: wir müssen es schaffen, aus der Krise „herauszuwachsen“. Aber wir wissen: Wenn wir genau das schaffen, werden wir die ökologische Krise verschlimmern... Die neue Zeit ist negativ und nicht positiv... Es geht für alle Seiten um die Verhinderung des Schlimmsten.“*

Pouah. Hefteg!

Kommt mir leeschten eise Bäitrag a schaffen drun, datt dat haut net méi zäitgeméisst Zil vum Wuesstem an déi do negativ Zukunftsbiller ofgeleist ginn duerch nei gemeinsam kulturell Wäerter, nei gemeinsam Zieler déi eis Gesellschaft an all hierer Vielfalt zesummenhält. **Déi ekologesch Transitioun ass virun allem eng kulturell Transitioun.**

**Mäer hun, esou eis Iwwerzeechung, déi historiesch Pflicht an awer och déi historiesch Chance dat iwerhuelent Kulturbild vum Wuesstem mat neie Werter, neie Visiounen, neien positiven Zukunftsperspektiven ze fëllen. E Kulturbild, wou net eis menschlech Liewenszäit an unheefe vu materielle Gidder gestach gëtt, ma a Mateneen, Konscht, Soziales, ...**

Der Sterilitéit vu Betong, d'Vilfallt vum Gréngs an eisen Uertschaften entgéint stellen. Der globaliséierter Landwirtschaftspolitik en zeréck zur Region, mat engem absolute Fokus um bio. Virwetz, Staunen, Ehrfurcht virun der Scheinheet vun der Natur... Mir sinn der Iwwerzeegung, datt et gesellschaftlech Majoritéiten derfir gëtt.

**Wi sot den Soziolog Adorno: „och an historesche Situatiounen vum „Liewen am Falschen“ gëtt et d'Visioun vum „Gudden dat aus dem Falschen“ entsteet.**

**Loost eis dat positivt Bild erstellen, dru matwierken, a Politiker:innen wielen a stäerken, déi d'Erausfuorderung verstaanen hunn, „Haltung“ weisen, bereed sinn ze soen datt mir muar net méi liewe kenne wéi haut, an awer besser liewe kënnen. Am Interessi vun der Beräicherung vum gudde Liewe fir eis all, ma och well et iwwerliewenswichtig ass fir déi nächst Generatiounen.**

Ech wenschen eis alleguer e scheint Oekofest a merci, datt Dir haut hei sitt.